

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23. Januar 2019

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Kommunikatioun a Medien, den Här Aarbechtsminister, den Här Educatiounsminister, den Här Minister fir d'Economie an den Här Gesondheitsminister weiderzeleeden.

D'ADEM, eng staatlech Institutioun, déi dem Aarbechtsministère ënnerläit, gëtt op hirem Internetsite ënnert anerem Informatiounen iwwert d'Sproochkompetenzen um Lëtzeburger Aarbechtsmaart.

“Die einheimischen Arbeitskräfte beherrschen in der Regel die drei Landessprachen (Luxemburgisch, Französisch und Deutsch) des Großherzogtums und wenden sie im täglichen Leben aktiv an. [...] Im beruflichen Alltag ist Französisch die meist benutzte Sprache, gefolgt von Luxemburgisch, Deutsch, Englisch und Portugiesisch. Im Geschäftsleben wird vorwiegend Französisch gesprochen. Daher sind bei den meisten Stellenangeboten gute Französischkenntnisse Grundvoraussetzung. [...] Im Gesundheits- und Sozialbereich sind gute bis sehr gute Kenntnisse der luxemburgischen Sprache sogar Bedingung. [...]“ (<http://adem.public.lu/de/marche-emploi-luxembourg/panorama-marche-emploi/maitrise-langues/index.html>)

Dat sinn Textpassagen, déi de Lieser an der däitscher Versioun fënnt. Dës Informatiounen kann een dann och an der franséischer Versioun (<http://adem.public.lu/fr/marche-emploi-luxembourg/panorama-marche-emploi/maitrise-langues/index.html>) noliesen.

An dësem Kontext wéilt ech deenen Häre Ministere gär folgend Froe stellen:

1. Kennen déi Häre Ministeren d'Donnéeën, d'Etüden oder d'Statistiken op deenen dës Aussoe baséieren? Kënne si déi Quellen uginn? Vu wat fir enger Zuel u kann ee vun engem “Regelfall” schwätzen? Sinn déi Häre Ministeren der Meenung, datt et sech beim éischte Saz vun deem uewe genannten Textauszoch ëm eng Verallgemengerung handele kéint, déi der Realitéit net entsprécht?
2. Ass et net éischer esou, datt haaptsächlech d'Majoritéit vun deene Leit, déi duerch den traditionelle Lëtzeburger Schoulsystem gaange sinn, déi dräi Sproochen “beherrscht” an datt dat an anere Gruppe vun der Populatioun däitlech manner de Fall ass?

3. Am Alldag gesäit een och dacks jonk Leit, déi Schwieeregkeeten hunn, sech an enger vun deenen dräi Sproochen, Lëtzebuergesch, Däitsch a Franséisch, auszedrécken, ze erklären oder ze verstoen. Gëtt et Etüden iwwert d'Sproochkompetenzen no deene verschiddene Schoulofschlëss zu Lëtzebuerg, déi weisen, vu wéi vill Prozent vun den Schoulabsolvente vun engem Joergang ee wierklech behaapte kann, datt si an enger reeller Situatioun déi dräi Sproochen, Lëtzebuergesch, Däitsch a Franséisch, fléissend "beherrschen"? Wat sinn d'Quellen heifir?
4. Sinn déi Häre Ministere sech bewosst, datt um Lëtzebuenger Aarbechtsmaart vill auslännesch Matbierger schaffen, déi kee Lëtzebuergesch kënnen an/oder kee Däitsch an/oder kee Franséisch, esou wéi och net all Lëtzebuenger der franséischer Sprooch Meeschter ass? (Dëst schléisst natierlech net aus, datt en Deel vun deene Leit op aner interessant Sproochkompetenze kënnen zeréckgräifen.)
5. Sinn déi Häre Ministere sech dem Risiko bewosst, datt d'Relativéierung bis hin zur Negéierung vun där besonnescher Bedeitung vum Lëtzebuergesche fir de Lëtzebuenger Aarbechtsmaart an de Mateneen hei am Land, vill Leit kéint dovun ofhalen, fir Lëtzebuergesch ze léieren?
6. Dem Lieser gëtt suggeréiert, datt am berufflechen Alldag Franséisch déi meescht benotzte Sprooch wär an am Geschäftsliewen esouguer haaptsächlech Franséisch geschwat géif. Sinn déi Häre Ministere sech bewosst, datt vill Lëtzebuenger de Wonsch hunn an dacks och drop bestinn, fir op Lëtzebuergesch, also an hirer Mammen- an Nationalsprooch, zerwéiert ze ginn? Firwat insistéieren déi Häre Ministeren net drop, datt och d'Personal an de Geschäfte soll Lëtzebuergesch kënnen?
7. Sinn déi Häre Ministere sech bewosst, datt vill Lëtzebuenger ewell léiwer an Däitschland wéi hei am Land akafe ginn, well si do manner sproochlech Barrieren begéinen? Wëssen déi Häre Ministeren, datt d'Net-Beherrsche vum Lëtzebuergesche vum Geschäftspersonal e komparativen Nodeel fir eist Land mat sech bréngt?
8. Mutatis mutandis gëllen dës Consideratioune besonnesch och fir de Gesondheits- a Fleegeberäich, wou d'Beherrsche vun der Lëtzebuenger Sprooch esouguer ka liewenswichtig sinn. Wat ënnerhëlt d'Regierung fir d'Plaz vun der Lëtzebuenger Sprooch an deene Secteuren ze stäerken?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten

Äntwert vum Här Aarbechtsminister Dan Kersch, vum Här Educatiounsminister Claude Meisch, vum Här Minister fir Mëttelstand Lex Delles an vum Här Wirtschaftsminister an Gesondheetsminister Etienne Schneider op d'parlamentaresch Fro N°256 vum Här Députéierten Fernand Kartheiser

D'Méisproochegkeet ass eng vun de grouse Méiglechkeeten, Chancen an och Erausfuerderunge vum Lëtzebuerger Land. D'Niefteneen an d'Matenee vu méi Sproochen am Alldag vun den allermeeschte Bierger sinn typesch fir eist Land.


An deem Kontext huet den Educatiounsministère 2018 eng grouss Ëmfro vun TNS Ilres duerchféiere gelooss, wou per Telefon- an Internetenquëten Informatiounen iwwer d'Roll vum Lëtzebuergesch an méi allgemeng der Méisproochegkeet an der Gesellschaft gesammelt goufen (Echantillon vun 1053 Persounen).

Dobäi si Resultater opgewise ginn, déi den Erklärungstext vun der ADEM ënnerstëtzen, well dësen déi reell Sproochesituatioun erëmispigelt. Wichteg bei der Ëmfro war d'Zesummesetzung vun de befröte Leit; Et goufen esouwuel Lëtzebuerger (60%), wéi och Netlëtzebuerger (40%) zur Sproochesituatioun befröte, esou datt d'Resultater der Realitéit entspriechen. D'Resultater sinn deemno och statistesch relevant an hunn aussokräfteg Donnéeën ervirbruecht a wäerten och un d'ADEM viruverméttelt ginn.

Ad 1

Bei de Froen iwwer d'Sproochpraxis vun de Bierger am Alldag konnte vill interessant Informatiounen festgehale ginn. Fir d'éischt ass no de Sproocher gefröte ginn, déi d'Leit kënnen. 98 % vun de Leit hunn uginn, Franséisch kënnen ze schwätzen; 77 bis 80 % hu Kompetenzen am Engleschen, Däitschen an/oder Lëtzebuergesch.

Compétences linguistiques – en général



N= 1053 / Tous
Question: Quelles langues parlez-vous ? Plusieurs réponses possibles.

Déi zwou Schoulsproochen Däitsch a Franséisch gi vun de meeschte Leit beherrscht. Dat ass och esou fir d'Englescht, déi haiteg Lingua franca op der Welt. Quasi op gläicher Héicht ass Lëtzebuergesch, dat vu 77% vun de Leit geschwat gëtt.

Mat hirem Internetsite wëll d'ADEM d'Leit op der Sich no Aarbecht, d'Employeuren déi no Personal sichen esou wéi all aner Intresséierter iwwert de lëtzebuergeschen Aarbechtsmaart informéieren an dat op eng kuerz a liicht verständlech Aart a Weis.

Den Aarbechtsmaart hei zu Lëtzebuerg ass bekanntlech ganz dynamesch an international. Doraus ergëtt sech natierlech och, datt ee muss op d'Thema vun de Sproochen am Beruffsliewen agoen. Op där enger Säit muss ee betounen, datt d'Lëtzebuerger méisproocheg sinn, wat ee soss an Europa esou net eremfënnt a wat ee vun de Grënn ass fir déi positiv wirtschaftlech Entwécklung vum Grand-Duché¹. Op där anerer Säit ass et natierlech och wichteg e Bild ze vermëttelen dat d'Realitéit vum Lëtzebuerger Aarbechtsmaart mat sengen Ufuerderungen erëmgeëtt, besonnesch am Beräich vun de Sproochkompetenzen déi jo kënnen ënnerschiddlech ausfale jee no Secteur, Géigend an/oder Nationalitéit vum Betrib.

Am Duden gëtt dat Wuert „*einheimisch*“ esou definéiert: „*aus dem eigenen Land stammend*“. Dee Passage aus dem Text deen zitíert gëtt (Die einheimische Arbeitskräfte...) bezeechent also déi Leit, déi an der Reegel déi dräi Sprooche vun eisem Land schwätzen. Et kann een dës Ausso beleeeën duerch d'Etüd *Les langues dans les offres d'emploi au Luxembourg*, déi vum Isabelle Pigeron-Piroth an dem Fernand Fehlen am Juni 2015 verëffentlecht gouf. Ënnert anerem fënnt een deen heite Saaz an dëser Etüd: „*98% des Luxembourgeois disent parler la langue luxembourgeoise, 96% le français et 92% l'allemand.*“

An därselwechter Etüd gëtt higewisen op d'Bedeitung vun der franséischer Sprooch an der Ëffentlechkeet an an der Wirtschaft : „*Le poids important des francophones natifs et des immigrés issus d'autres pays latins comme le Portugal et l'Italie, ainsi que la politique linguistique implicite du Luxembourg qui considère le français comme langue d'intégration des nouveaux venus, a fait du français la langue véhiculaire de la sphère publique et économique.*“


Dës Ausso gëtt och doduerch bewisen, datt déi statistesch Analys vun de gemellten Aarbechtsplazen, déi 2014 am Lëtzebuerger Wort stoungen dat heiten erginn huet: „*90,4% des annonces font référence au français, en le demandant, en le souhaitant ou en l'utilisant pour rédiger l'annonce (seul ou associé à une ou plusieurs langues.)*“. Hei war dann d'Franséisch déi am meeschte verlaangte Sprooch.

D'Ëmfro, déi den Institut QUEST zesumme mat der Chambre de Commerce am Mee 2011 fir d'Sproocheschoul Berlitz mat 265 Patronen hei zu Lëtzebuerg gemaach huet, koom zu deem selwechte Schluss: „*Pour 55,8% des entreprises interrogées, le français est la première langue utilisée [...]. Le luxembourgeois arrive en deuxième place avec 20,0%, suivi de l'anglais (17,7%) et de l'allemand (4,9%).*“²

¹ Josiane Kartheiser, *Mir schwätze Lëtzebuergesch, Däitsch a Franséisch*. 2007

² Université du Luxembourg (*Les langues dans les offres d'emploi au Luxembourg*), d'après Berlitz QUEST, 2012

Graphique 7 Principale langue et autres langues utilisées dans les entreprises selon la perception de leurs dirigeants



Source : Université du Luxembourg, d'après Berlitz QUEST 2012

Bei deem Text, deen op der Homepage vun der ADEM steet, geet et also net ëm eng aus der Loft gegraffe Verallgemengung, mee ëm nogewise Fakten.


Et kann een dat iwwregens och noliesen op der offizieller Homepage vum Grand-Duché: <http://luxembourg.public.lu/de/travailler/langues-au-travail/index.html>.

Et sief dorop higewisen, datt d'ADEM sech iwwert d'Bedeutung vun de Sproochfäegkeeten am Kloten ass an dofir speziell Sproochecoursen organiséiert, dorënner och Lëtzebuergeschcoursen, fir d'Employabilitéit vun de Leit, déi op der Sich no enger Aarbecht sinn, ze stäerken.

Ad 2

Net nëmme bei Persounen, déi duerch den „traditionelle“ Lëtzebuenger Schoulsystem gaange sinn, ass eng méisproocheg Ausriichtung feststellen; mee och bei Netlëtzebuenger, déi hei am Land wunnen a schaffen, fënnt een Intérêt fir eng Vilfalt vu Sproochen; dëst weist sech bei der enormer Ufro no Lëtzebuergeschcoursen. De Lëtzebuenger Modell vun der Méisproochegkeet ass deemno net exklusiv op d'Lëtzebuenger ze bezéien, mee och op déi aner Awunner vun eisem Land: Si liewen dës Approche an hirem Alldag aus!

Compétences linguistiques – le multilinguisme du Luxembourg




Net nëmmen d'Sproochewillfalt vun der Populatioun huet sech bei der Ëmfro gewisen, mee och den eenzelne Leit hir Méisproochegkeet. Et gëtt zu Lëtzebuerg eng aussergewöhnlech grouss Zuel vu Leit, déi méi wéi eng Sprooch beherrschen a benotzen, fir sech an hirem Alldag auszudrécken. Dëst ënnersträicht d'Aussoen, déi d'ADEM op hirem Internetsite iwwert d'Sproochesituatioun a Lëtzebuerg ausdréckt. 72 % beherrschen déi dräi Landessproochen, Lëtzebuergesch, Däitsch a Franséisch. Dräi Véierel vun de gefrote Leit schwätze véier Sproochen oder méi! Dëst weist sech bei engem Sondage, wou bal d'Hallschent vun de befrote Leit Netlëtzebuenger waren.

Ad 3

De ganze Schoulsystem ass am Fong eng „Etude“ iwwert d'sproochlech Kompetenze vun de Jugendlechen. Esouwuel d'Reegelklasse wéi och d'Schoulen no europäeschem Modell leeë vill Wäert op eng méisproocheg Educatioun. A well d'Schoulen no engem evaluative Modell, dee kompetenzorientéiert opgebaut ass, funktionnéieren, goufen déi néideg Sproochkenntnisser op regelméisseger Basis getest. A wa Jugendlecher en Ofschloss reusséiert hunn, da beschäinegt dësen Ofschloss och d'Beherrsche vun de gefrote Sproochen. D'Ëmfro bei der TNS-Ilres huet déi grouss Influence vun der Schoul op déi jëtzege Jugend nach eemol ënnerstrach.

Compétences linguistiques – le trilinguisme officiel




Iwwer 90 % vun de befrote Jugendleche beherrschen déi dräi administrativ Sproocher vum Land. Dësen héije Wäert verdäitlecht déi grous méisproocheg Kompetenz vum den Awunner, am Besonnesche vun der Jugend, hei am Land.

Ad 4

Allgemeng weisen Initiative wéi de Congé linguistique an d'Zuele vun den Aschreiwungen a Sproochecoursen den allgemenge Wëllen fir sech sproochlech ze verbessern. D'Enquête huet awer och probéiert, statistesch relevant Aussoen iwwer den Aarbechtsmarché gewuer ze ginn. Hei gouf ganz präzis d'Roll vun den eenzele Sproochen an der Aarbechtswelt nogefrot.

Habitudes linguistiques – le luxembourgeois au travail, contacts professionnels – écrit et oral



N = 1053 / Tous
 Question: Quelle(s) est/sont parmi les langues suivantes celle(s) que vous parlez généralement au quotidien ? Veuillez commencer par la langue que vous utilisez le plus souvent, passez ensuite à la deuxième etc. Dans vos réponses, veuillez faire la différence entre l'oral et l'écrit, c. à d., entre les langues que vous parlez au quotidien et celle que vous utilisez pour écrire. Au travail, dans vos contacts professionnels - écrit ?
 Plusieurs réponses possibles.

Lëtzebuergesch als geschwate Sprooch gëtt am Beruff vu 70 % vun de gefrote Leit gebraucht. D'Hallschent vun de Leit gebraucht Lëtzebuergesch do och am Schrëftlechen.

D'Äntwerten op déi heite Fro ënnersträichen déi dominant Roll vum Franséischen um Aarbechtsmaart. 84 % vun de Gefrote benotzen an hirem Beruff Franséisch am Mëndlechen ewéi och am Schrëftlechen. Lëtzebuergesch spillt eng wichteg Roll am Alldag, mee grad esou déi méisproocheg Sproochkompetenze vun de gefrote Leit.


Ad 5

Dës Resultater vun der Enquête weisen absolut net op d'Relativéierung vum Lëtzebuergeschen hin: Ganz am Konträr gëtt gewisen, datt Lëtzebuergesch ëmmer méi un Afloss gewënnt; dëst net nëmmen am mëndlechen, mee och am schrëftleche Beräich. Dëst ass e Constat, dee sécherlech och vu ville Salarié wouergeholl gëtt, wouduerch déi enorm Nofro no Lëtzebuergeschcoursen ze erklären ass.

Ad 6

Hei gëtt op den Niveau vu Sproochattitudë gewiesselt; deemno net dem reelle Benotze vun der Sprooch, mee no Virléiften a Wënsch. Et ass méi schwéier hei eng adäquat a relevant Ausso ze liwweren. An der Ëmfro vum Educatiounsministère gouf probéiert, déi Roll, déi Lëtzebuergesch a Franséisch an der Gesellschaft spille sollen, ze hannerfroen. Et gouf no der Integratiounssprooch gefrot, well heiriwwer an eise mltlinguale Kontext an der grousser Heterogenitéit vun Nationalitéiten ënnerschiddlech Meenungen ze erwaarde waren.

Quelle langue devrait être la **langue d'intégration** utilisée au Luxembourg ?



N= 1053 / Tous

Question: A votre avis, quelle langue devrait être la langue d'intégration utilisée au Luxembourg ? Et quelle est la langue que vous voyez en deuxième position comme langue d'intégration ? Une seule réponse possible.

Iwwer d'Hallschent vun de Leit sinn der Meenung, dass Lëtzebuergesch déi Roll vun der Integratiounssprooch misst iwwerhuelen. Nëmme hallef esou vill, also en Drëttel vun de gefrote Leit, schwätzen sech dofir aus, dass Franséisch als Integratiounssprooch soll benotzt ginn. De Kumul vu béiden Äntwerten ënnersträicht nach emol d'Wichtigkeet vu béide Sproochen am (berufflechen) Alldag zu Lëtzebuerg.

Déi Lëtzebuergescher Wirtschaft huet iwwert déi lescht 50 Joer eng bemierkenswäert Entwécklung gemaach. Eng Entwécklung, déi ouni qualifizéiert Mataarbechter net méiglech gewiescht wier. Et ass awer och e Fakt, dass hei um Aarbechtsmarché net genuch qualifizéiert Aarbechtskräfte fonnt ginn, esou dass vill Salariéën hei am Land méttlerweil quasi aus der ganzer Groussregioun kommen. De Räichtum vun eise Land ass dofir de Verdéngscht vun deene Salariéën, déi zu Lëtzebuerg wunnen, wéi och vun de Grenzgänger, déi bei eis schaffe kommen.

Et ass selbsterständlech e Plus, wann ee beispillsweis an de Geschäfte op Lëtzebuergesch kann zerwéiert ginn. Aus dësem Gronn gi Betriber duerch eng finanziell Ënnerstëtzung encouragéiert, hir Mataarbechter a Sproochecoursen ze schécken. Och am Pakt Pro Commerce, deen de Minister fir Mëttelstand mat der Chambre de commerce an der clc (Confédération luxembourgeoise de commerce) ofgeschloss huet, ass d'Méisprouchegekeet e Sujet fir de Service um Client ze verbessern.

Ad 7

D'Beherrsche vun der Lëtzebuenger Sprooch ass eent vu villen Elementer, dat beim Verkafsverhalen vum Verbraucher matspillt. Dofir mécht d'clc, zesumme mat der Direktioun vum Mëttelstand am Wirtschaftsministère, reegelméisseg Etüden iwwert d'Verkafsverhale vun der Bevëlkerung, souwuel där lokaler wéi och där an der Groussregioun. Déi nächst Etüd ass fir dëst Joer virgesinn. Dës Etüde ginn als wichteg Basis genotzt, fir konkret Projeten ëmzesetzen, wéi ë. a. de Pakt Pro Commerce.

D'Bedenke vum Här Deputéierten, datt d'Netbeherrsche vum Lëtzebuergesche vu verschiddene Mataarbechter am Commerce een Nodeel fir eist Land wier, deele mir net. Am Géigendeel, d'Méisproochegkeet ass zu Lëtzebuerg e wichtegen Atout am Commerce, dee mir wëllen am Kader vum Pakt Pro Commerce förderen.

Ad 8

An der Strategie fir d'Promotioun vun der Lëtzebuenger Sprooch, déi d'Regierung am Mäerz 2017 ugeholl huet, hat de Fleege- an de Familljesecteur eng bedeitend Plaz, a momentan ginn Etüde virbereet a Pisten ausgeschafft, fir dës sproochlech Ziler ze erreechen. Hei sief nach eng Kéier op d'Mesuren higewisen:

- Sproochekenntnisser am sozialen, therapeuteschen a Familljesecteur

Fir agreéiert, respektiv konventionéiert Strukturen, déi am sozialen, therapeuteschen a Familljesecteur täteg sinn, gesinn d'Gesetz (loi modifiée du 8 septembre 2008, réglant les relations entre l'État et les organismes œuvrant dans les domaines social, familial et thérapeutique) an déi dozougehéiereg Règlements d'exécution spezifesch Konditioune fir d'Sproochekenntnisser vir. Esou mussen de Chargé de direction an d'Personal vun deene Strukturen beleeeën, datt si sech op Lëtzebuergesch an op d'mannst an enger zweeter vun deenen dräi Langues usuelles ausdrécke kënnen. Kënnen déi Sproochekenntnisser net beluecht ginn, da kann de Familljeminister den Agreement mat der Konditioun verbannen, datt déi betreffend Leit eng Formation en cours d'emploi musse maachen, fir déi Sproochen ze léieren.

- Sproochekenntnisser am Gesondheetssecteur

Dokteren, Psychotherapeuten an Apdikter, grad ewéi déi reglementéiert Gesondheetsberuffer musse laut Gesetz déi 3 administrativ Sprooch vum Grand-Duché, dorënner also och Lëtzebuergesch, verstoen oder sech engagéieren, fir sech déi néideg Kenntnisser an dese Sproochen nodréiglech unzëeegnen.

De Gesondheitsminister huet d'Recht, d'Sproochekenntnisser duerch de Collège médical iwwerpräiwen ze loossen.

Vill Efforte ginn elo schonn an de verschiddene Spideeler gemaach, fir Lëtzebuergeschcoursë fir hiert Personal unzebidden. Dës Coursen hu generell e grouse Succès.

Donieft ass de Ministère am Gaang ze iwwerleeën, zesumme mat der Fédération des hôpitaux luxembourgeois (FHL) an dem Collège médical, wéi dës Offer nach kann erweidert ginn.

De legale Kader fir déi Lëtzebuenger Sprooch am Gesondheitssecteur ze stäerken ass virgesinn am Artikel 11 vum Gesetz vum 26. Mäerz 1992 iwwert den Exercice an d'Revalorisatioun vu de Gesondheitsberuffer an am Artikel 8 vum Gesetz vum 29. Abrëll 1983 iwwert den Exercice vun den Dokteren, den Zännokteren an den Veterinaren.

Dës zwee Gesetzzer hale fest, dass souwuel d'Persounen, déi an de Gesondheitsberuffer tätég sinn, esou ewéi d'Dokteren sech musse mat der lëtzebuergescher Situatioun familiariséieren an déi néideg Sproochekenntnisser beherrschen fir hire Beruff kënnen hei zu Lëtzebuerg auszeüben.

Ginn dës Sproochekenntnisser net duer, engagéieren si hir disciplinaire, civil oder penal Responsabilitéit am Fall vun engem Feeler beim Ausübe vun hirem Beruff.

Et ënnerläit der Responsabilitéit vum Employeur, dës néideg Sproochekenntnisser bei Rekrutementer vu Gesondheitspersonal ze kontrolléieren.

Dofir bidden d'Spideeler esouwéi de Secteur extra-hospitalier hiren auslännesche Mataarbechter Lëtzebuergeschcoursen un, fir am Beräich vun der Gesondheet eng besser Kommunikatioun an eiser méisproocheger Gesellschaft ze féerden.

Bei den Doktere, kann de Gesondheitsministère op Demande vum Collège médical, am Kader vun enger Demande d'autorisation d'exercice, dem Kandidat seng Sproochekenntnisser iwwerpräiwen.

De Gesondheitsministère ënnerstëtzt all Initiative fir d'Entwécklung vun de Sproochen am Gesondheitssecteur, mat dem Zil eng optimal Kommunikatioun zwëschen dem Patient, dem Flegepersonal an den Dokteren ze favoriséieren.